**Evangelium vum 1. Sonndeg no Chrëschtdag C**
**(Fest vun der Helleger Famill)**
**Lk 2, 41-52**

KONTEXT

Mer sinn hei um Schluss vun de sougenannte Kandheetserzielungen am Lk. – An hei, wéi och soss an de Kandheetserzielunge geet et net ëmt d'Kand a seng Elteren u sech, mee, ëmt Verkënnegung, ëmt e Credo, de Glawen un deen Operstanenen: de Jesus ass schonn als Kand dat, wat hien als Erwuëssenen ass, de Christus. De Sënn, d'Glawensausso si wichteg ; also däerfe mer net froen, ier et wierklech esou war an net anescht. E Reportage ass net dem Lk säin Uleies (cf. Lk 1,1 : hien ass en Historiker, awer net am haitege Sënn !!!), mee, d'Verkënnegung. Soss gi mer ier mam Text. - Déi parallel Erzielungen tëscht dem Johannes (dem Deefer) an dem Jesus sinn och eriwwer.
Am Vers 40, just virun eisem Text, kritt de Jesus d'Weisheet (d.h. d'Gof, z'ënnerscheeden) an engem absolute Sënn zougesprach, grad ewéi dem Herrgott seng Gnod/Gonscht. Op dem Johannes awer ass dem Herrgott seng Hand (cf. 1, 66), wéi op de Prophéiten. - Am Résümee seet de Lk : Hien ass et, de Messias, op deen der gewaart hutt, an zënter de Jesus ugefaangen huet, wéi e Mann ze denken (an der juddescher Traditioun deemools mat méi wéi 13 Joer), war hien sech senger Missioun bewosst.

TEXT

Dem Jesus seng Eltere sinn all Joer fir d'Pessach-Fest ... esou wéi et de Brauch war fir d'Fest(Vv. 41-42) : Dräimol sollt e fromme Judd pilgeren (cf. Ex 23, 14-17 ; 34, 22f). Et fällt iwwerhaapt op an dem Lk senger Kandheetserzielung, datt dem Jesus seng Eltere dem juddesche Gesetz no versichen ze liewen. – Si sinn *erop* op Jerusalem gaangen, well Judäa a Jerusalem jo méi héich leie wéi Galiläa. – Dat kléngt no engem relaxe pilgeren, mee, fir vu Galiläa op Jerusalem ze goen, goufen et zwou Méiglechkeeten : entweder dee méi wäite Wee duerch d'Géigend vun der Dekapolis an duerch Peräa, oder awer, an engem Grupp (cf. V. 44) fir besser geschützt ze sinn, riichtaus duerch Samaria ; an all Joer gouf et Doudeger op dëser Streck.
No de Feierdeeg, wéi si sech op den Heemwee gemaach hunn... an hunn do no him gesicht (Vv. 43-45) : Wéi wat wou fir d'Pessach-Fest si sollt, fënnt een an Dtn 16.
No dräi Deeg hunn si hien am Tempel fonnt. Hie souz matsen ënner de Léiermeeschter, ... (V. 46) : D' «Léiermeeschtere » ware Schrëftgeléierter, déi um Parvis vum Tempel souzen, an do d'Leit geléiert a mat hinnen diskutéiert hunn. Spéiderhin am Lk mécht de Jesus et tselwescht ier d'Passioun ufänkt.
All déi, déi hien héieren hunn, ware paff iwwer säi Verstand an iwwer d'Äntwerten, déi hie ginn huet. (V. 47) : hei sinn d'Léiermeeschtere nach paff, spéiderhi reagéieren si manner positiv.
Wéi seng Elteren hie gesinn hunn, ...wousst dir dann net, datt ech an deem si muss, wat mengem Papp gehéiert (Vv. 48-50) : Hei ass fir t'éischt am Lk, datt de Jesus selwer eppes seet ; an hie verweist op säi Papp. Wann hien am Lk fir t'lescht eppes seet, ass et och fir sech un säi Papp s'adresséieren (Lk 23, 46) an no der Operstéiung fir op säi Papp ze verweisen (24, 49). D.h., nach éier dem Jesus säin

ëffentlecht Wierken ugefaangen huet, verweist hien op deen, an deem sengem Numm hien optrëtt. Tselwescht wéi alles, wat de Jesus a sengem Liewe mécht (Heelungen, Wonner, ...) a seet, weisen och seng éischt Wierder vun him ewech op säi Papp. Net hie steet am Mëttelpunkt vu senger Verkënnegung, mee säi Papp ! (Wéi d'Evangelien néiergeschriwwe goufen, ass dës Betounung e bësse verréckelt : d'Evangelien, andeems si de Jesus, de Christus, verkënnegt hunn, hunn hien automatesch mat an den Zentrum gesat.) – Elo awer sinn och seng Elteren nach net prett fir ze verstoen.

Dunn ass hie mat hinnen ... Seng Mamm huet sech all dës Wierder an hirem Häerz gewmierkt (V. 51) : Tselwescht wéi no dem Besuch vun den Hierde (cf. 2, 19) denkt seng Mamm (si gëtt net mam Numm genannt) iwwert dat, wat geschitt ass, no (d'Häerz = d'Plaz wou iwwerluecht an décidéiert gëtt, net d'Plaz vun de Gefiller).

De Jesus awer huet zougeholl u Weisheet, un Alter an u Gnod beim Herrgott a bei de Mënschen. (V. 52) : De Vers 52 gräift d'Themen aus dem V. 40 erëm op (cf. supra Kontext).

Heimadder ass d'Kandheetserzielung am Lk fäerdeg : d'Jalonse si gesat, d'Haaptsaache si schonn ëmrass ; elo trieden t'éischt deen erwuessene Johannes den Deefer an dann de Jesus u fir hir ëffentlech Missioun.

(Fränz Biver-Pettinger)